# Fonction publique info

hello.ogbl.lu
www.ogbl.lu
contact: contact.ogbl.lu
twitter: @ogbl_luxembourg
instagram: ogbl_luxembourg
facebook: ogbl.lu

# Service à temps partiel pour raisons de santé

Am Fall vu gravéierende gesondheetleche Problemer, kann de Beamten oder Employé ënnert bestëmmte Konditioune vun engem Service à temps partiel pour raisons de santé profitéieren. Dës Reduzéierung vun der Aarbechtszäit ka mat engem Aménagement de Poste oder engem Changement de Poste innerhalb der nämmlechter Administratioun verbonne sinn.
D'Commission spéciale en matière de pensions decidéiert doriwwer, wien ee Recht op sou ee Service à temps partiel pour raisons de santé huet. Den Temps partiel pour raisons de santé gëtt beim Berechne vun der Pensioun wéi een Temps plein ugerechnet.
**Opgepasst! Beamten oder Employéen, déi de Rentenuntrëttsalter erreecht hunn, gi bei enger Demande fir sou ee Service à temps partiel pour raisons de santé d'office pensionéiert. Och Beamten oder Employéen, déi wärend engem lafende Service à temps partiel pour raisons de santé de Rentenuntrëttsalter erreechen, ginn d'office pensionéiert, soubal si deen Alter erreecht hunn.**

## Format:

Eng Tâche vu 75% oder 50% ;
Eng Tâche vu 25% wärend max. 1 Joer.

## Indemnitéit :

Jee no Tâche (75%, 50% oder 25%) kritt een déi feelend Stonne bis zur Vollzäit als Indemnitéit ausbezuelt.

De Montant vun dëser Indemnitéit gëtt folgendermoosse berechent:
**Montant vun der Indemnitéit = All pensionabel Elementer vun dem leschten Traitement virum Service à temps partiel – Traitement vum Service à temps partiel pour raisons de santé.**

## Konzernéiert Persounen:

- Staatsbeamten;
- Gemengebeamten;
- Employéen am Pensiounssystem vun de Staats- oder Gemengebeamten*;
- Agenten vun der CFL.

*Als Employé kënnt een entweder ab dem Alter vu 55 Joer oder ab 20 Joer Service an engem CDI an de Pensiounssystem vun de Staatsbeamten.

## Net konzernéiert Persounen:

- Beamten oder Employéen, déi Usproch op eng pension de vieillesse oder de vieillesse anticipée hunn.
- Stagiären
- Employéen, déi net am Pensiounssystem vun de Staats- oder Gemengebeamte sinn.

## Oflaf vun der Demande:

Op Ufro vum Beamten/Employé, vum Kontrolldokter oder vum betraffene Ministère gëtt d'Pensiounscommissioun saiséiert. De Kontrolldokter erstellt dann ee Rapport, dee vum Aarbechtsdokter mat engem Avis zur Aarbechtsfäegkeet vum Beamten/Employé completéiert gëtt. Opgrond vun dësem Rapport entscheet d'Pensiounskommissioun doriwwer op:

- De Beamten/Employé fäeg ass, normal schaffen ze kommen;
- De Beamten/Employé pour inaptitude physique pensionéiert gëtt ;
- De Beamten/Employé an engem Service à temps partiel pour raisons de santé ka weiderschaffe goen ;
- De Beamten/Employé net op dem aktuelle Poste weiderschaffe kann, mee op een anere Poste muss gesat ginn.

## Enn vum Service à temps partiel pour raisons de santé:

De Service à temps partiel pour raisons de santé kënnt op een Enn a folgende Fäll:

- Op Demande vum Employé/Beamten, deen d'Commission spéciale saiséiert ;
- Op Demande vum Aarbechtsdokter, dee wärend enger medezinescher Kontroll festgestallt huet, dat de Gesondheetszoustand vum Employé/Beamten et him rëm erlaabt, entweder voll schaffen ze goen oder den Aarbechtsvolume eropzeschrauwen;
- Beim Erreeche vum Pensiounsalter vum Employé/Beamten.